# Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

## News

### 9.4.2015: "nee2015.lu" invitéiert fir en Informatiounsowend an Diskussiounsowend zu Esch

09 **Apr** *2015*

(comments: 0)




Den 21. Abrëll si mer um 18:30 zu Esch an der Kulturfabrik. Mir wäerten do während 15 Minutten eisen Point de vue presentéieren.

Haut de Moien kruten mer vum Integratiounsschäffen vun der Gemeng Esch, dem Dan Codello, matgedeelt dass mir nieft minte.lu agelueden wieren fir duerch eis en méi ausgeglachenen Informatiounsowend ze hunn. Mir soen der Integratiounskommissioun vun Esch an dem Dan Codello villmools Merci dass si sech neutral verhalen an fir en balancéierten Debat sinn.

Mir hoffen dass och elo déi aner Gemengen dem Beispill vun Esch noginn an eis invitéieren. Bis elo hunn vill Gemengen als eenzeg Riedner op hieren Informatiounsversammlungen de CEFIS an minte.lu, alle béid kloer Vertrieder vun engem Auslännerwahlrecht. Zu enger richteger Informatiounsversammlung gehéiert awer och déi aner Klack an zwar déi vum Nee. Op den Informatiounsowenter kéinten mir eis Vue vun den Argumenter fir en Jo an e Nee virdroen, an sou zu enger méi equilibréierter Informatiounsversammlung bäidroen.

Hei ass d'Affiche.

Read more … 9.4.2015: "nee2015.lu" invitéiert fir en Informatiounsowend an Diskussiounsowend zu Esch

### 7.4.2015 Nach 2 Méint bis zum Referendum.

07 **Apr** *2015*

De 7. Juni 2015 wäert en eminent wichtegen Dag an der Geschicht vun Lëtzebuerg an fir eisen Staat ginn. Deen Dag stellt sech d'Fro, op Lëtzebuerg dat eenzegt Land an Europa gëtt, wat d'Ausländer fir säin nationalt Parlament wäert wielen loossen. Eng Entscheedung bei där et keen Zeréck méi gëtt!!! Mam Auslännerwahlrecht wier d'Souveränitéit vun der Lëtzebuerger Natioun, dat heescht vun de Lëtzebuerger, fir ëmmer an éiweg opginn.

Säit 100 Joer kommen auslännesch Immigranten aus Polen, Italien, Portugal an villen aneren Länner bei eis, an si alleguer hunn sech hei gutt integréiert, an dat OUNI AUSLÄNNERWAHLRECHT.

Laut dem leschten Sondage ass eng Majoritéit vun de Lëtzebuerger géint en Auslännerwahlrecht. Loosst och dir iech net beaflossen vun der permanenter Propaganda fir en Auslännerwahlrecht an sot et, mat guddem Gewëssen, roueg weider: **Nee zum Auslännerwahlrecht.**

**Och de Paul Kremer huet sech ëffentlech zum Nee bekannt.** Hei fannt dir de Link op säin Bäitrag.

Read more … 7.4.2015 Nach 2 Méint bis zum Referendum.

## 4.4.2015 Déi 3 Konditiounen déi an der Fro un d'Auslännerwahlrecht gebonnen sinn, wäerten wahrecheinlech verschwannen!

04 **Apr** *2015*




Momentan ass et virgesinn dass en Ausländer kann wielen goen wann en déi 3 Konditiounen erfëllt: 1.- 10 Joer zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, 2.- schonn eng Kéier gewielt ze hunn bei Gemengen- oder Europawahlen 2.- just dat aktiivt Wahlrecht (en dierf also net geweielt ginn).

Den Prof. Dr. Heuschling erklärt hei, dass 2 vun den 3 Konditiounen wahrecheinlech lues a lues kéinten verschwannen wann d'Auslännerwahlrecht bis agefouert ass.

An eisen Aen sinn déi 3 Konditiounen e faulen Trick fir d'Wieler ze täuschen!

Read more … 4.4.2015 Déi 3 Konditiounen déi an der Fro un d'Auslännerwahlrecht gebonnen sinn, wäerten wahrecheinlech verschwannen!

## 2.4.2015 1000!!! Supporter op Facebook

02 **Apr** *2015*

(comments: 0)

Grousse Merci un déi iwwer 1.000 Leit, déi eis Facebooksäit an de leschten puer Deeg gelikt hunn.

Mir mussen weider Reklamm maachen fir dës Säit an fir de Nee.

Am Verglach zu deenen Organisatiounen, déi fir de Jo sinn, hunn mir keng Mëttel fir matzehalen.

Déi Organisatiounen, déi fir de Jo sinn, sinn  professionell opgestallt. Si hunn ganz vill Suen an Leit déi dofir schaffen.

Mir sollen eis awer net dovunner beandrocken loossen.

Mat Häerz, Verstand an vill Asaz kënne mir awer méi erreechen wéi si.

Merci alleguer.

Mir sinn zesummen gutt bis elo gefuer hei am Land an mir wëllen dass dat och nach an 50 Joer sou ass, mir wëllen keng gespléckten Gesellschaft!

dofir :de 7 Juni:

Nee zum Auslännerwahlrecht.

https://www.facebook.com/nee2015.lu

Read more … 2.4.2015 1000!!! Supporter op Facebook

## 1.4.2015 Politmonitor: Eng Majoritéit ass géint d'Auslännerwahlrecht!

01 **Apr** *2015*

(comments: 0)




Nei Ëmfro vun RTL:
"48 Prozent vun de Wieler si géint d'Wahlrecht fir Auslänner, 44 Prozent sinn dofir an 8 Prozent sinn nach net decidéiert."

http://www.rtl.lu/letzebuerg/620951.html

Read more … 1.4.2015 Politmonitor: Eng Majoritéit ass géint d'Auslännerwahlrecht!